LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko BACKES, op d'parlamentaresch Fro n°2802 vum 21. August 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Kann d'Mobilitéitsministesch d'Zuelen fir Lëtzebuerg virleeën?

Am Joer 2024 huet de STATEC gezielt, dass 80 Kanner a Jugendlecher am Alter vun 0 bis 15 Joer bei Stroossenaccidenter blesséiert goufen. Insgesamt goufen dovunner 21 Kanner schwéier a 59 licht Blesséiert. 2024 ass et keen déidlech blesséiert Kand ginn.

Opgedeelt op déi verschidde Kategorien ergëtt sech follgend Bild:

- 39 % ware Passagéier*innen an engem Auto.
- 33 % ware Foussgänger*innen.
- 11 % ware Cyclisten*innen.
- 9 % ware Benotzer*inne vu Micro-Mobilitéitsmëttel (z. B. Trottinetten oder E-Scooteren).

Wann een awer elo all déi Jonk aus dëser Alterskategorie berücksichtegt, déi 2024 an en Accident verwéckelt waren, egal ob sie dobäi blesséiert goufen oder net, klëmmt dës Zuel op 133.

Hei stellt sech d'Verdeelung da wéi follegt duer:

- 59 % ware Passagéier*innen an engem Auto.
- 21 % ware Foussgänger*innen.
- 8 % Cyclisten*innen.
- 7 % ware Benotzer*inne vu Micro-Mobilitéitsmëttel.

Lëtzebuerg, den 22. September 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES